# Interview mam Victor Bodson (CLT, 9. November 1969)

**Source:** L'Europe avant le Sommet de La Haye / VICTOR BODSON, Nic Weber.- CLT [Prod.], 9 novembre 1969. CLT-UFA, Luxembourg. - SON (07:54, Montage, Son original).
CLT-UFA, 45, Boulevard Pierre Frieden, L-1543 Luxembourg.

**Copyright:** Transcription CVCE.EU by UNI.LU
Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

**URL:**
http://www.cvce.eu/obj/interview_mam_victor_bodson_clt_9_november_1969-lb-039b7a95-22f5-4522-a030-26076255fd71.html

**Date de dernière mise à jour:** 13/04/2017

[Nic Weber] Här Minister, Dir gesitt jo dobaussen, dass och haut den owend rëm schlecht Wieder ass. Et ass liicht, fir eng Gripp ze kréien. Et kënnt ee vläicht erwaarden, dass och aner Ministren nach nom Här Moro eng Gripp kriten. Sollt da wierklech dëst Joer nach eppes aus dem Sommet ginn, aus der Spëtzekonferenz?

[Victor Bodson] Här Weber, ech sinn iwwerzeegt, dass eppes aus dem Sommet gëtt. Perséinlech weess ech, dass den Här Ministerpräsident vun Italien, den Här Moro, krank ass. Ob dat nun awer den abolute Motif ass oder nëmmen d Geleeënheet, fir a sengem eegene Land Schwiregkeeten, déi de Moment bestinn, Meeschter ze ginn, weess ech net. Mä eppes ass sécher: ce n est qu une remise, mä t ass net eppes, wat nie sollt stattfannen. De Sommet fënd ganz bestëmmt statt; et gëtt gesot, a véierzéng Deeg. Ech huelen deen Datum un, mä ganz sécher kënnt keng diplomatesch Krankheet nach dobäi, sondern mir wësse ganz genau duerch d Zeitungen an duerch déi Informatiounen an d Press ass haut esou komplett wéi méiglech , mir wësse ganz genau, wat dohannert ass, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Sommet stattfënd.

[Nic Weber] Här Minister, et kënnt een och eng aner Fro stellen: haut den owend déi Ausprooch, déi wierklech ganz fräi war, ech menge, vun all Säit, mä et goung dach awer drëm, hat ee sou d Impressioun, fir mol de Standpunkt just a souguer, kënnt ee soen, eleng vun der Kommissioun duerzeleeën?

[Victor Bodson] Ech hunn näischt aneschter gemaacht wéi gesot, dass, wa schonn eng Kommissioun do ass, a wa si scho Pouvoiren huet, da soll och jidfer aner Organ vun den Institutiounen hir Aarbecht maachen. Net dass ech dem Conseil reprochéieren, keng Décisiounen ze huelen, mä ech mengen, wann et soll virugoen, muss de Conseil och seng Responsabilitéiten huelen a seng Décisiounen huelen, wéi mir et och maachen.

[Nic Weber] Här Bodson, et géif dann direkt do um Uschloss eng aner Fro: erwaart Dir Iech, wann, loosse mir soen, Ausseministren oder Agrarministren hirt national Iwwerleeëns bäi hiren Décisiounen hunn, respektiv keschtspilleg Kompromisser ausschaffen, erwaart Dir Iech, wann d Cheffen zesumme sinn, dass et da besser geet an engem Europa, wou rëm den Nationalissem spillt?

[Victor Bodson] Den Nationalissem spillt leider nach zevill. Mä wann awer déi grouss Responsabel virun der Weltöffentlechkeet do stin

n, da kënne si net méi hir kleng national Intérête virschieben, da musse si, wéi mir op lëtzebuergesch soen, Faarf bekennen. Si mussen zum deem stoen, wat si ëmmer gesot hunn, a si mussen hëllefen, dass et virugeet. Si kënnen net hirt Gesiicht verléieren. An t ass dëse Moment um Sommet de Problem: wie wëllt do säi Gesiicht verléieren? A well kee Politiker säi Gesiicht wëll verléieren, sinn ech iwwerzeegt, dass mir Progrèse kréien.

[Nic Weber] Mä ass den Drock vu baussen dann nach staark genuch, dat heescht ass d Iwwerzeegung do bausse staark genuch fir Europa?

[Victor Bodson] Wann een déi eenzel Leit freet, an et kann een deen en erklären, wat de Marché commun bis elo scho fir si bedeit huet, da si si absolut d accord, dass si hiren Nationalissem op d Säit setzen an Europäer ginn. Nëmmen wat ons eben feelt, dat ass, dass mir nach net déif genuch an d Leit eragedronge sinn, fir en ze weisen, wou eigentlech hire groussen Intérêt läit: net méi bäi hirer Kiirchtuurmspolitik, mä bäi europäescher Politik. A wann dat emol e bëssche méi wäit a méi déif gedrongen ass, sinn ech iwwerzeegt, dass d Regirungen och deem Trend noginn an hëllefen, dass dat Europa endlech gebaut gëtt.

[Nic Weber] Här Bodson, t ass jo dee berühmten Tryptique, dee vun de Fransouse proposéiert gouf fir d Spëtzekonferenz als Diskussiounsbasis. Wat mengt Dir dann: wéi wäit ass dat gebonnen, eng Konditioun un déi aner? Mengt Dir dann, dat wäer nach esou oniwwersiichtlech, dass kaum kann eppes Präzises dobäi rauskommen, loosst mer mol soen, d Erweiderung?

[Victor Bodson] Den Achèvement d Vervollständegung , de Renforcement an d Erweiderung sinn dräi Punkten, en Tryptique, déi zwar économesch net zesummenhänken, mä politesch ganz bestëmmt. An Dir kënnt Iech net virstellen, dass zum Beispill de Marché commun soll gemaacht ginn, ouni dass et zu der anerer Säit Garantien ginn, dass d Institutiounen aarbechten an dass zemindest och un den Élargissement geduecht gëtt. Awer de Renforcement vun den Institutiounen, wann ee wëllt eng Prioritéit ginn, schéngt mir déi Prioritéit ze sinn. Déi aner mussen awer zu gläicher Zäit matgoen, et muss de front goen; net fir dat eent ze maachen an dat anert sinn ze loossen, mä déi dräi Saache musse matenaner ugefaang ginn a wa méiglech matenaner achevéiert ginn.

[Nic Weber] Vläicht nach eng national Fro, Här Minister: et gëtt ëmmer behaapt, an et gëtt och mat Recht, mengen ech, gesot, dass mir Lëtzebuerger eis bescheiden solle weisen; et heescht vum Ausseminist

er aus, deen nach virun aacht Deeg gesot hat virun deem selwechte Mikro, dass vun eis keng grouss Propositioune kënne kommen. Mä dat ass verständlech. Dir lo an Ärer Kommissiounsaarbecht: spillt och do d Nationalitéit, dat heescht och eis Bescheidenheet dann esou eng Roll, oder sitt Dir wierklech do méi europäesch, wéi et eigentlech soll sinn?

[Victor Bodson] Dat ass eng indiskret Fro, mä ech wëll soen, mir sinn e Collège vu véierzéng, a mir hunn jidfereen déi selwecht Rechter an och déi selwecht Pflichten. Mir sinn duerch den Traité an duerch de Serment, dee mir geleescht hunn, an onser Occupatioun, déi mir hunn, si mir onofhängeg an nëmmen vun onsem eegene Gewëssen ofhängeg. An do huet een net d Gefill, dass een engem klenge Land ugehéiert oder engem groussen, sondern et huet ee seng Responsabilitéit als ee vu véierzéng, vun der Gesamtheet, an an der Hinsicht aarbechten mir och weider. An de Roll vu Lëtzebuerg selwer ass infiniment méi grouss wéi d Surface vum Land, well ons eenzel Ministren spillen ëmmer eng ganz grouss a ganz agréabel Roll, a si sinn déi, déi am Fong verbannen a gutt Ureegunge ginn. An ech an der Kommissioun follegen e bësschen der selwechter Iddi.

[Nic Weber] Nach vläicht e bësschen erausgegraff: mir hate jo déi leschte Kéier de franséischen Ausseminister hei. Dunn huet eisen Ausseminister op eng Fro hi gemengt ze soen, mir kënnte scho frou sinn, dass awer an der franséischer Attitude ee Changement spierbar wäer.

[Victor Bodson] Am Prinzip kann ee frou sinn, dass et e Changement ass. T ass opgelockert, t ass ganz aneschter, mä wéi wäit dat geet, dat kann een nach net virausgesinn, well t ass ëmmer déi aal Geschicht: d Wierder geléngen munchmol ganz schéin, mä d Faiten follegen net. Wir wollen die Taten sehen, seet de Preis. An dat ass grad dat, wat ons interesséiert. Et geet net duer, schéin ze schwätzen, sondern, wann de Mond gespëtzt ass, soll och gepaff ginn, a mir kucke lo, op d Fransouse wierklech päife wëllen, nodeem si de Mond sou schéi gespëtzt hunn.

[Nic Weber] Mengt Dir dann, si géifen zu Den Haag päifen?

[Victor Bodson] Ech huelen un, dass si päifen, vläicht net esou ganz haart, mä ech weess awer, dass e gewësse Revirement a Frankräich ass, och ënnert de Politiker, an dass si zumindest am Ufank lo schonn e gewëssent Stéck mat viru ginn. A wa si eng Kéier en route sinn an eng Kéier en marche sinn, da geet et. Den Arrêt ass ëmmer dat Geféierlecht, mä wann ee mol mat virugeet, geet een och nach e bëssche mat.

[Nic Weber] Dir huet jo awer, wéi et schéngt, Hoffnungen op déi Spëtzekonferenz?

[Victor Bodson] Jo, ganz sécher a ganz vill.

[Nic Weber] Da loosse mir mol ofwaarden.

[Victor Bodson] Dat ass e Liewenszweck, deen ech lo hunn, an ech wëll grad an der Hinsicht och Succès hunn.

[Nic Weber] Merci, Här Minister.